N°927
Entrée le 05.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 927 vum 25. Juni 2024 vun den honoraablen Deputéierten André BAULER a Carole HARTMANN**

Als Virbemierkung ass et wichteg kloerzestellen, dass dat neit Gesetz vum 7. August 2023 am Artikel 18 zwee verschidde Reglementer virgesäit.

Dat éischt Reglement bezitt sech op:

- Den Inhalt an d'Form vun der Annexe, déi un den "État des recettes et des dépenses" vu klengen ASBLe bäizefügen ass (Art. 18 (4) Absatz 3);
- Den Inhalt an d'Form vun der Annexe, déi un de "Compte de profits et pertes" an de Bilan fir mëttelgrouss ASBLe bäizefügen ass (Art. 18 (5) Absatz 3); an
- Komplementar Informatiounen, déi an der Annexe fir grouss ASBLen integréiert musse ginn (Art. 18 (6) Absatz 3).

D'Adoptioun vun dësem Reglement ass obligatoresch fir d'Ëmsetzung vun de concernéierten Dispositiounen.

Dat zweet Reglement bezitt sech op d'Presentatiounsschema vun:

- "État des recettes et des dépenses" vu klenge ASBLen (Art. 18 (4) Absatz 4);
- "Compte de profits et pertes" an de Bilan vu mëttelgrouss Associatiounen (Art. 18 (5) Absatz 4); an
- "Comptes annuels" vu groussen Associatiounen (Art. 18 (6) Absatz 4).

D'Adoptioun vun dësem zweete Reglement ass fakultativ an net obligatoresch.

**Fro 1: Wéini gëtt dee "Règlement grand-ducal" publizéiert?**

Betreffend dat éischt Reglement, gëtt därzäit een Avantprojet vum Reglement preparéiert a soll no der Rentrée am September 2024 prett sinn, fir op den Ordre du jour vum Regierungsrot gesat ze ginn.

Wat dat zweet Reglement ugeet, ass am Moment keen Avantprojet virgesinn, fir den Associatioune d'Fräiheet ze loossen, hire Schema sou ze gestallten, datt et am Aklang mat hiren Aktivitéiten ass.

**Froen 2 an 3: Gëtt an dësem Reglement definéiert wéi déi kleng ASBLen den "total des actifs" solle bewäerten? Gëtt an dësem Text och festgeluecht, wat genee d'Basis ass fir d'Berechnung vum sougenannte "pourcentage des transferts de fonds vers les autres pays"?**

De Paragraf 4 vum Artikel 18 vum Gesetz vum 7. August 2023 iwwert d'ASBLen a Fondatioune gesäit spezifesch vir, datt d'Reglement betreffend d'Annexen d'Zil huet, den Inhalt an d'Form vun der Annexe, déi un d'Comptabilitéitsdokumenter ugehaange gëtt, ze bestëmmen.

D'Annexe soll laut Paragraf 4 vum Artikel 18 déi follgend Informatioune beinhalten:

1° Den Total vun den Aktiva an der Keess;

2° Den Total vun den Aktiva bei der Bank;

3° D'Zuel vun de Memberen, definéiert no Member-Tranchen;

4° De Prozentsaz vun Iwwerweisunge vu Fongen an aner EU-Länner an an den Europäesche Wirtschaftsraum ("EWR");
5° De Prozentsaz vun Iwwerweisunge vu Fongen ausserhalb vun der EU an dem EWR.

D'Reglement selwer definéiert deementspriechend weder wéi kleng ASBLen den "total des actifs" solle bewäerten, nach d'Method fir de Prozentsaz vun Iwwerweisunge vu Fongen an aner Länner ze berechnen.

Verschidde Moyene goufen a ginn den ASBLen zur Verfügung gestallt, fir hinnen ze hëllefen:

- Fir de Prozentsaz vun Iwwerweisunge vu Fongen an aner Länner ze bestëmmen, wäert een Avantprojet vum Reglement Forschette virgesinn, wéi zum Beispill vun 0 bis 5% a 5% bis 15%. D'ASBLe mussen uginn ënner wéi eng Forschett se falen. Fir hir Aufgab ze vereinfachen, ass et geplangt e Guide ze veröffentlechen, deen op der Websäit www.*myasbl.lu* wäert publizéiert ginn. De Guide huet als Zil den ASBLen ze hëllefen, fir d'Fongen, déi an dëser Berechnung berücksichtegt musse ginn, ze bestëmmen. Ee Beispill vun engem Fong deen ze berücksichtegen ass, ass d'Iwwerweisung vu Suen an d'Ausland.

- Informatioune betreffend Rechnung vun "total des actifs" fënnt een am "Guide comptable de la petite association" den een op der Websäit www.*myasbl.lu* erofluede kann, ënnert dem Thema "Comptabilité".

**Zur Erënnerung**: Wéinst der Iwwergangsperiod vu 24 Méint, hunn d'ASBLen nach Zäit, sech mam neie Comptabilitéitsregimm vertraut ze maachen. D'Associatiounen, déi virum Akraafttriede vum neie Gesetz, also den 23. September 2023, gegrënnt goufen, bleiwe bis den 23. September 2025 dem ale Comptabilitéitsregimm ënnerstallt, ausser si géife virun dësem Datum hir Statuten un dat neit Gesetz upassen. Fir eng ASBL, déi hir Statuten z.B. am Laf vun 2024 geännert huet, gëllt de neie

Comptabilitéitsregimm ab dem 1. Januar 2025 an d'Comptabilitéitsdokumenter mussen eréischt am Juni 2026 approuvéiert ginn. Deemno hunn och d'ASBLen, déi hir Statuten un dat neit Gesetz virum Schluss vun der Iwwergangsperiod geännert hunn, nach Zäit sech mam neie Comptabilitéitsregimm vertraut ze maachen.

Lëtzebuerg, den 5. August 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue